Version française disponible sur notre site internet https://fel.lu/fr

FLEEGEELTEREN LËTZEBUERG a.s.b.l.

# Invitatioun

# Generalversammlung & Pick-Nick

Léif Memberen,

Dir sidd heimat häerzlechst invitéiert, un eiser Generalversammlung deelzehuelen, déi den **Sonnden, den 3. Juli 2022 um 10h30** am **Mierscher Park** ofgehale gëtt.

**Ordre du jour:**

- **10h00** Treffen op dem Parking „Schlasspech“ (beim Fussballfeld) zu Miersch
- **10h30 Generalversammlung am Park**
- Usprooch vum Präsident
- Aktivitéitsbericht an Keesebericht 2021
- Entlaaschtung vun der Kees an vum Comité
- Deelweis Neiwiel vum Comité an vun den Keeserevisoren
- Ausbléck op d´Joer 2022
- Éierung vu laangjärege austriedenden Comités-Memberen
- Infoen an frei Aussprooch
- Schlusswuert vum Präsident
- **+/- 12h00** FEL invitéiert op en gemeinsamen **Pick-Nick** mat italieneschen Anti Pasti Spezialitéiten an informellem Austausch, Spillen & gutt Zäit zesummen verbréngen.

Al Fleegefamillen an hir Kanner sinn wëllkomm. Wann dir deelhuelen wëllt, mellt iech bis den **1.7.´22** iwwert info@fel.lu un. Fir al déi déi dem Veräin eng Spend zoukommen loossen wëllen, steet beim Buffet e Spuerschwäin bereet.

Mir stellen eis mat fräschem Elan als Veräin nei op. Mir sichen an dem Sënn, **nei Memberen** déi eis ënnerstëtzen an nach weider **Comitesmemberen** déi sech wëllen engagéieren. → Et sinn vill Reformen ënnerwee déi eis direkt betreffen, an eis Aarbecht ass dofir elo nach méi wichteg wéi virdrun. Stellt är Kandidatur fir an den Comité iwwert info@fel.lu.

Eis **Internetsäit** fel.lu ass gutt gefëllt an gëtt och reegelméisseg aktualiséiert. Wann dir au courant iwwert Neiegkeeten bleiwen wëllt, schreiwt ech fir d´Newsletter an. Kuckt eran an gëtt eis gären Feedback.

Wann dir är **Cotisatioun** 2022 nach net bezuelt huet, kennt dir eis gären finanziell ënnerstëtzen mat engem Beitrag vun minimum 20 € Joer / Famill (Konto BCEE LU40 0019 2355 4566 0000). Mir soen iech am viraus villmools MERCI.

Mat de beschte Gréiss bis zur Generalversammlung.

Dick Okkerman, Präsident

D´**Associatioun FleegeElteren Lëtzebuerg asbl** setzt sech fir Iech dofir an daat:

- D´Interessie vun de Fleegekanner an de Fleegefamilljen bei Ministèren, ONE, Services placement familial, Jugendriichteren, SCAS, Institutiounen, Associatiounen, asw. berécksiichtegt gin,
- Fleegefamilljen a Fleegekanner sech ënnertenneen kennen léieren, sech an engem informellen Kader austauschen an géigesäiteg ënnerstëtzen kennen.

☐ Ech well ëmmer iwwert Neiegkeeten an Aktivitéiten vum Veräin informéiert bleiwen. Ech schreiwen mech heimadder fir d´**Newsletter** an.

Email-Adress:

______________________________

Ech kann zu jidderzäit duerch einfach Email op den info@fel.lu d´Abonnement op d´Newsletter kënnegen.

☐ Ech well gären **Member** vun der Associatioun gin an den Veräin mat menger Cotisatioun an evt. och mat engem Don ënnerstëtzen.

Numm:

______________________________

Adress:

______________________________

______________________________

Email-Adress:

______________________________

☐ Ech well eng aktiv Roll am Veräin iwwerhuelen an mellen mech fir am **Comité** matzeschaffen

WEG unkräizen, ausfëllen an zereckschécken op:

Per Post: 1, Rullewee, L-9365 Eppeldorf oder per Mail: info@fel.lu